

**Gemeinsam Äntwert vun de Ministeren fir Immigratioun an Asyl, an Famill an Integratioun op d'parlamentaresch Fro Nr 175 vum honorabelen Députéierten Sven Clement**

**Wéi vill DPI a wéi vill BPI hunn - opgeschlësselt no Gemeng a Joer - sàit 2015 an esou enger Struktur gewunnt? Wéi vill DPI a wéi vill BPI hunn op den 1. Januar 2019 - opgeschlësselt no Gemeng - an esou enger Struktur gewunnt?**

Den OLAI huet eréischt säit 2016 komplett Joeresstatistiken.

Enn 2016 waren 2471 DPI an 337 BPI an de Strukturen.

Enn 2017 waren 1161 DPI an 1254 BPI an de Strukturen.

Enn 2018 (31.12.2018) waren 1039 DPI an 1338 BPI an de Strukturen.

Hei drënner sinn d'Chiffere – opgeschlësselt no Gemeng a Statut – vun der Situatioun Enn 2018.

<b>Nom Commune</b>	<b>Nombre de DPI</b>	<b>Nombre de BPI</b>
Beaufort	18	45
Berdorf	46	20
Bertrange	0	15
Bettembourg	7	27
Betzdorf	3	3
Biwer	42	24
Bourscheid	18	14
Bous	2	7
Diekirch	106	175
Differdange	5	85
Dudelange	19	38
Esch-sur-Alzette	11	18
Esch-sur-Sûre	35	46
Ettelbruck	26	44
Flaxweiler	1	0
Helperknapp	22	32
Hesperange	6	37
Luxembourg-Ville	178	330
Mersch	173	11
Mondercange	26	102

Rambrouch	3	6
Redange-sur-Attert	17	22
Sandweiler	0	6
Sanem	67	201
Schifflange	11	1
Strassen	182	0
Wahl	8	9
Waldbredimus	3	10
Wiltz	4	10
	<b>1039</b>	<b>1338</b>
31.12.2018	<b>Total 2377</b>	
31.12.2017	<b>1161</b>	<b>1254</b>
	<b>Total 2415</b>	

• **Ween ass - opgeschlësselt no Arichtung - de Gestionnaire vun de jeeweilege Strukturen?**

Vun den 58 Strukture fir DPI vum OLAI déi momentan operationell sinn, sinn der 24 vun associative Partner geréiert, déi mat dem sozialen Encadrement an der sozio-educativer Betreiwung mandatéiert goufen.

Croix Rouge luxembourgeoise geréiert 12 Strukture, dovun och de Primo-Accueil. Caritas geréiert 12 Strukture.

• **No wéi enge Kritäre ginn d'DPI op déi eenzel Strukture verdeelt?**

Den OLAI applizéiert eng detailléiert Prozedur no där d'Leit op déi verschidde Strukture verdeelt ginn.

Verschiede Strukture si fir spezifesch Populatioune reservéiert : Familien; Fraen; Männer; MNA („Mineurs non Accompagnés“) an PMR („Personnes à Mobilité Réduite“).

Déi familiär Unitéit muss garantéiert sinn: Famille ginn zesumme logéiert. Heibäi muss d'Disponibilitéit vun de Better natierlech berécksiichtegt ginn.

Déi proposéiert Wunneng muss de spezielle Besoine vun de Leit gerecht ginn : Schoul, ee sozio-educativen Encadrement, Gesondheet a Proximitéit zum öffentlechen Transport.

• **Wéi vill Loyer muss en BPI am Duerchschnëtt - opgeschlësselt no Arichtung - fir seng Ënnerbréngung bezuelen?**

De Montant vun der Indemnitéit déi ee BPI muss bezuelen ass gestaffelt jee no Zesummesetzung vum Menage (mat Kannergeld) a vum Akommes vun der jeeweileger Persoun. Dës Indemnitéit läit am Duerchschnëtt tëscht 450 a 650 Euro de Mount.

D'Indemnitéit ass fir all Strukture gläich.